den Domaine du moulin neuf

zu Boismont

Haut Samschden den 16. Februar 2013 haten sech éng 15 Fëscher vum Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg op den Weë gemeet fir zu Boismont an Frankräich déi béis Geeschter vum Wanter ze vedreiwen. Mir hun zwar kéng Buurg verbrannt an d´Horgänsen woren och net iwwert eis eweg geflun an awer woren mir der Ménung dass et elo un der Zäit wär dass et endlech erëm las géif goën. Den Wanter wor dëst Joër zimlech laang an nawell zolidd ausgefall an dofir lung dann och Haut nach ee bëssen Schnéi deen eis awer weder bei der Unrees gestéiert huet nach dovunner ofhalen konnt een flotten Fëscherdag bei gemitlechen 4° Grad plus am Niwwel ze verbréngen. Hat dat leschten Joër den Optakt vum Fëscherjoër nach missen ofgesot gin ewell den Weiher zu Boismont deen Ament zougefrour wor, hat sech dëst Joër den Péitrus méi ëmgänglech erwisen an esou hun mir eis Moies um halwer néng getraff fir et mat den villen schéinen Forellen déi een hei fänken kann opzehuelen. Den Domaine du moulin neuf huet ee bëssen een eegenen Charakter ewell den Weiher zwar net ganz breed mée dofir awer an d´Längt gezun ass an eng duurchschnëttlech Déift vun zwee an een halwen meter opweist. Mée hei kann een awer herrlech Fësch fänken, bedéngt duurch déi direckt Nooperschaft zu der Pisciculture op dëser Plaz.

Nodeems mir eis an Montur gehäit haten ass et och schon direkt las gaangen, mat vun der Parti wor dës Kéier och erëm ee neien Member, den Patrick, deen och säin Bouw, den Joé, matbruecht hat. Mir sin ëmmer frouh wann nei Memberen sech eisem Fëscherclub uschléissen an besonesch freën mir eis wann mir dobäi och nach ganz jonk Fëscher an eisen Reihen zielen dierfen, deenen mir hoffentlech eis Passioun weidervermëttelen kënnen. Den Patrick an den Joé hun sech objidverfall gudd agefouert an wann mir een Beweis gebraucht häten dass et sech bei hinnen Zwee ëm éierbar Méckenfëscher handelt, dann hun Sie dësen schon bei der éischter Sortie erbruecht. Esou wor et dann och den Joé deen als éischten an onserem Eck Fësch gefaangen huet an dem Patrick sollt et schon bei der éischter Sortie vergönnt sin den Fësch vum Dag ze fänken. Mée och déi aal Fiiss ewei den Änder oder den Holger hun sech gudd drun gin, den Guy huet duurch séng perfekten Rollwerf bestach an dass den Mich net mat sech selwer zefridden wor dat konnt och jiddereen héieren. Den Marc an säin Bruder den Marco hun sech gudd ofgewiesselt ewoubäi deen Een d´Fësch gefaangen huet an

deen Anneren him beim kescheren gehollef huet. Den Jemp huet sech diskret am Hannergrond gehalen an den Usch ass méi duurch schnëssen opgefall ewei dass Hien vill Fësch gefaangen hät. Et huet awer jiddereen séng Fësch gefaangen, déi Eng der méi an déi Anner ee bëssen manner (gell Du Mich) an den Luss ass duurch d´Géigend getrollt an huet Fotoën gemeet. Ewei dun eist Catering Team ronderem eisen Präsident bäigefour ass fir den Jerbesenbulli mat Mëttwurscht ze zervéieren, huet sech erëm séier gewisen ewou déi richteg Stärkten vum Flyfishing Club leien.

Séier woren d´Reserven erëm opgefëllt an déi zweet Halschent konnt agelaut gin. Jee mir kënnen erëm op ee geloongenen Ufank vum Fëscherjoër zeréckblécken. d´Gesellegkeet an d´Komerodschaft woren ewei ëmmer ganz grouss geschriwwen an mir sin eis eens dass et an deem Sënn kann weidergoën .